Gemengerot

# vum 25 Oktober 2024

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) an Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl ausser de 8 an den 10.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

Eise Klimaberoder, den Här Thierry Lagoda, präsentéiert d'Ëmsetzung vum Programm 2025 „EEA" (European Energy Award, Pacte Climat 2.0).

## KOMMUNIKATIOUNEN

**De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV)** begréisst d'Membere vum Gemengerot. Bevir déi eigentlech Sëtzung ugeet, präsentéiert eise Klimaberoder, den Här Thierry Lagoda, d'Ëmsetzung vum Programm 2025 „EEA" (European Energy Award, Pacte Climat 2.0). An enger spéidere Gemengerotssëtzung gëtt dann iwwert dëst Ziler ofgestëmmt. No der Presentatioun konnten déi eenzel Gemengeconseillere Froe stellen. De Buergermeeschter seet dem Klimaberoder Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung déi der Gemeng Kielen erméiglecht vill vun deenen Ziler ëmzesetzen.

Den Ordre du jour vun der haiteger Sëtzung gëtt eestëmmeg ugeholl.

**D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP)** invitéiert all d'Memberen de 6 November 2024 um 15h30 op d'Scheckiwwerreechung vum Handaarbechtstreff fir d'Epicerie social vu Stengefort. Den 13 November 2024 kënnt eng Madamm vum Familljeministère an de Club Senior an déi freet ob e Member vum Schäfferot un dëser Entrevue deelhëlt. Si invitéiert de Gemengerot och op den internationale Männerdag deen de 24 November 2024 um 17h00 zu Ollem gefeiert gëtt. Bei dësem Event wäerten „Les Gavroches" optrieden.

D'Entreprise Demy Schandler huet zurzäit seng Busser zu Arel stoen an huet eng Demande gestalt fir kënnen en Terrain um Wandhaff ze kréien an dovunner war och schonns am Gemengerot zu Käerch Rieds. Déi Gemengen déi am ZARO vertruede sinn, sinn sech awer all eens dass dat just méiglech ass wann de Verkéier um Wandhaff aneschtes geleet gëtt. Den ZARO (Zone d'Activités de la Région Ouest) freet och elo dowéinst e Rendez-vous beim Ekonomiesministere. An dem Kontext huet d'Madamm Claudine Meyer-Deitz bei der Aweiung vun den Agri-PV Anlagen zu Kielen, den Här Lex Delles, Minister fir Ekonomie, Energie an Tourismus gefrot wéi een eng Entrevue mat der Madamm Juriko Backes, Mobilitéitsminister, kann organiséieren. De Minister huet doropshi proposéiert dass dee Rendez-vous kann iwwert hien organiséiert ginn. D'Membere vum ZARO sinn der Meenung dass wann et méiglech ass eng Firma hei zu Lëtzebuerg ze hale soll een dat och maache mä et musse Léisunge wat deen immensen Trafic um Wandhaff ubelaangt gesicht ginn. Dat ass evident well do kommen nach aner Facteure bäi wéi d'Vergréisserung vun de Betriber wat mat sech bréngt dass nach méi Verkéier kënnt an et ass allgemeng gewosst dass op der Plaz oft enorme Stau ass. Dofir muss onbedéngt eng Solutioun a punkto Verkéier fonnt ginn éier den ZARO kann eng Decisioun huelen. Deemno, gëtt eng Etude gemaach.

**D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)** war den 2 Oktober 2024 beim LEADER Zentrum Westen wou de Projet „All together" nach eng Kéier vum inklusive Chouer zesummegefaasst gouf. Dëse Projet war e grousse Succès. Do gouf och decidéiert dass dee Chouer muss weider gefouert ginn. Et waren net nëmme Leit do mat spezifesche Besoine mä et waren nach aner Leit dobäi an et wär einfach ze schued wann dës Iddi elo géif fale gelooss ginn. D'Réidener Museksschoul huet sech bereet erkläert fir do d'Suite ze iwwerhuelen an et kënnen natierlech och Bierger vun der Gemeng Kielen bei dem Projet weiderhin deelhuelen. De Projet „Reload" gouf virgestallt. Et handelt sech ëm eng Plattform fir regional Vermaarter eventuell an der Form vun enger Cooperative. Zurzäit ass e Comité de pilotage agesat gi fir ze kucke wéi vill Prozent mir am Westen hunn, also eng Bestandsopnam an da gëtt e Konzept ausgeschafft. D'Zil ass et de Verkaf vu lokale Produiten ze fërderen an an Zukunft eng besser Vermaartung ze erreegen. Am wichtegsten ass et d'Vermaarter direkt an hier Efforten ze ënnerstëtzen, Rahmebedingungen ze schafen a Léisungen ze fanne fir den direkte Verkaf, Produzenten a Konsumenten ze verbesseren an ze erliichtere wat awer keng esou einfach Aufgab ass laut dem Vertrieder vun der Landwirtschaftskummer. Si hunn och do op Erfarungen a Suggestioune vum Här Franky Peller zeréck gegraff dee bei eis de gréisste lokale Maart huet.

Bei de lafende Projeten ass d'Seefekëschterennen ze vermelle vun de Jugendhaiser dat huet de 4 Oktober stattfonnt. Zurzäit ass och de „Perfect Dinner" ugelaf wou all Jugendhaus fir déi aner kacht. Do ass och e Jury dobäi deen um Enn vum Projet dräi Finalisten aussicht déi dann e Präis kréien an déi aner kréien en Trouschtpräis.

D'Closer-App ass elo an der Zeitung präsentéiert ginn an do sinn och Demanden agaangene fir weider Informatiounen.

Zu Mamer gouf et e Projet Gemeinschaftsgäert am Kader vun der Biergerbedeelegung. Dee flotte Projet huet 9.500 Euro kascht wat eng ganz iwwersichtlech Depense ass. Esou e Projet kéint och an der Gemeng Kielen ëmgesat ginn. D'Gemeng Mamer hat ursprünglech mat enger Depense vun 20.000 Euro gerechent.

**D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)** war den 23 Oktober 2024 an der Versammlung vun der UGDA, an der „Commission de surveillance" wou ze vermierken ass dass allgemeng an de Gemengen e Manktem ass vun Infrastrukturen an och Enseignantë. Bei den Enseignantë mécht de Ministère e bësse Probleemer well déi elo mussen op lëtzebuergesch schwätzen an dräi Sprooche kënnen an och mat de Revalorisatioun vun de Carrièrë wat et net einfach mécht de Moment fir d'UGDA. D'Kielen huet 12 Kanner op der Waardelëscht woubäi der 4 am FM3 stinn an 8 am Piano. Déi vum Piano déi hunn awer alleguerte schonn en anert Instrument wat se spillen.

D'Eltere mëllen hier Kanner an 3 Instrumente-Coursen u wou se dann a kengem esou richteg weider komme well se keen dovunner verdéiwen. D'UGDA huet sech lo nach bis den 11 November 2024 eng Deadline gesat fir déi Plaze wou d'Kanner oder d'Erwuessener lo net komm si fir dann nach Kanner kënnen ze huele fir nozeréckelen. D'Nicky

Thein mécht nächst Joer eng Propos ob mir bei eiser Unzuel beim „Evéil musical" esou bleiwen oder ob nach eng Klass mat dobäi geholl gëtt fir déi nei Kanner opzefänken mä dat muss nach gekuckt gi mat de Säll an den Enseignantë, dat gëtt nächst Joer gemaach. Et gëtt och eng nei Prozedur agefouert bei der een sech direkt kann umellen a wou een och gesäit op een op enger Waardeléscht steet oder op een ugemellt ass. Dat vereinfacht d'Aschreiwungen. De Coût total vun de Musekscoursë fir d'Musekschoul Weste beleeft sech op 9.333.077,60 Euro woubäi fir d'Gemeng Kielen 1.380.017,55 Euro ufalen, dat bedeit e Stonneloun vu 7.561,74 Euro fir d'Saison 2024/2025. Fir déi lescht Saison gouf e Subsid ausgestallt vu ronn 740.000,00 Euro an dat wäert och dës Joer plus minus änlech sinn. Den 8 Februar 2025 ass déi national Diplomiwwerreechung am European Convention Center an der Stad. Zu Kielen sinn d'Auditiounen den 8 Juli 2025. De Responsabel vun der Musekschoul, den Här Christian Meißner an d'Madamm Nathalie Noesen-Heintz haten Diskussioun fir d'Porte-ouverte eventuell e bësse méi sympathesch ze gestalten an och villäicht mol eppes aneschtes ze maachen. Als Präsidentin vun der Kulturkommissioun koum dann direkt d'Iddi fir mam Här Meißner en Dag vun der Kultur als Thema vun der Porte ouverte ze maache wou déi lokal Museken, d'Chorallen oder wou Léit déi och Theaterspiller, do kéinte Stécker spillen, Sketcher präsentéieren a sangen. Wat ka mat engem gemitterlechen Iessen, Foodtrucken, Gegrilltes op en Enn bruecht ginn. Fir mol kënnen eng Kéier eppes aneschtes ze maache wéi soss déi aner Joren.

**De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV)** annoncéiert dass et sécher eng ganz gutt Initiativ ass fir de Verkaf an d'Vermaartung vun deene lokale Produiten nach méi ze relancéieren. D'Gemeinschaftsgäert goufe schonn e puer mol am Schäfferot beschwat, mä de Probleem ass de Moment eben d'Plaz. Et ass nach keng Plaz definéiert wou een et ka maache mä den technesche Service ass amgaangen domat. Et muss ee wësse wann ee Gemeinschaftsgäert mécht muss ee Waasser hunn an et muss een no den Infrastrukture kucke fir dass dat klappt. Mä d'Iddi ass do an et stoung um Walprogramm. Wat d'UGDA ubelaangt leescht d'Gemeng Kielen hiren Déngscht. Mir sinn de Moment limitéiert mat der Plaz an der Musekschoul well mir och limitéiert mat der Plaz an der Schoul si mä déi Situatioun wäert sech awer entspane wann Elmen bis op ass respektiv wann d'Sanéierung vun der Kielener Zentralschoul bis ofgeschloss ass. Falls de Besoin do wär besteet d'Méiglechkeet un d'A&B Gebai oder vill méi un d'A Gebai en Ubau ze realiséieren. D'Plaz ass op jiddwerfalls do.

**Den Här Guy Breden (CSV)** informéiert dass hie Kontakt mat der Gemeng Mamer opgeholl huet fir sech de Projet vun de Gemeinschaftsgäert, deen am Kader vun enger Biergerbedeelegung gemaacht gouf, ukucken ze goe fir do kënnen e Feedback ze ginn. Et gouf och an der Ëmwelt- an Energiekommissioun iwwert dee Sujet geschwat well dat e Sujet beim LEADER war. Wat de Sujet nohalteg Produkter ubelaangt ass d'Ëmwelt-an d'Energiekommissioun am gaangen ze kucke fir eng Kartographie ze entwéckele wou een esou Produkter kritt. An d'Realisatioun vun engem nohaltege Maart ass geplangt.

**Den Här Marc Bissen(LSAP)** erklärt dass hien sech de Projet vun de Gemeinschaftsgäert op Mamer ukucke war. Wat flott ass un dem Projet zu Mamer ass dass dësen am Kader vun engem PAP gemaacht gouf. Dat heescht den ëffentleche Raum deen un d'Gemeng ofgetruede ginn ass gouf genotzt fir e Gemeinschaftsgaart ze maachen, wat mat sech bruecht huet dass do direkt Stroum a Waasser zu Verfügung stoung well et jo am Kader vun engem PAP war. D'Leit déi do ronderëm wunne kënnen och dovunner profitéieren.

**Den Här Félix Eischen (CSV)** stellt fest dass déi Fro déi een sech muss stellen ass fir ze wësse wéi eng Roll d'Gemeng spéider bei deene Gemeinschaftsgäert huet. Et si Leit déi si ganz engagéiert a kucke reegelméisseg dono. Anere Leit wëllen no e puer Méint näischt méi domadden ze dinn hunn, wat ka mat sech bréngen dass déi Plaz hallef verwüüst ass an dass d'Gemeng sech da muss drëms këmmere fir erëm alles a Stand ze setzen. Dat muss ee schonns gewëssenhaft am Virfeld plange mä d'Iddi ass gutt.

**Den Här Félix Eischen (CSV)** informéiert dass d'Aweiung vun der Entrée vum Domän Hueseknäppchen stattfonnt huet, wou de Rond-point jo gekëppt gouf fir e ganz flotte Skatepark ze amenagéieren. Et hunn immens vill Leit a Kanner un der Aweiung deel geholl. Et ass e ganz grousse Succès. Et ass awer e Probleem beim Iwwergang op der Haaptstrooss, well dat einfach eng ganz geféierlech Plaz ass. Dës Plaz wäert als alleréischt beliicht ginn, dat ass och eppes wat d'Gemeng an der Hand huet fir et kënnen ze maachen. Allerdéngs muss awer nach gekuckt gi fir rout Luuchten do ze maachen. Wat sech als schwiereg erweist, well 200-300 Meter um Territoire vun de Gemeng Mamer si rout Luuchten an d'Gemeng Kielen krut bis dato keng accordéiert. De 6 November 2024 fënnt eng grouss Reunioun iwwert de Verkéier statt um Ministère mat den Acteure vu Ponts et chaussées, vum Ministère a vun der Gemeng fir all déi Probleemer vum Verkéier a punkto Verkéiersberouegungen unzeschwätzen an déi Plaz do ass och ee vun de Punkten déi ugeschwat ginn. Leschte Freideg war d'Aweiung vun den Agri Pv Anlagen, dat war déi éischt an eisem Land an dat hat och eng gutt Retombée an der Press esou dass dat och eppes ass wat der Gemeng ze gutt kënnt, net nëmme fir den Image mä och dass do kënne 600 Stéit theoretesch kéinte mat Stroum versuergt ginn. De Bauer selwer deen den Terrain zur Verfügung gestalt huet sicht no Alternative fir säin Terrain a villäicht ginn et an Zukunft nach méi Leit déi sech do fir interesséieren. D'Gemeng op jiddwerfalls wäert sech net verschléisse falls nach esou Demandë komme fir eng änlech oder déi selwecht Anlag opzeriichten.

### *1. De Plang fir d'Gestioun vun de Bëscher vun der Gemeng Kielen fir den Exercice 2025*

De Fierschter, den Här Daniel Steichen, dee responsabel ass fir d'Gemeng Kielen, präsentéiert an erkläert de Plang fir d'Gestioun vun de Bëscher. De Gemengerot ass gefuerdert sech zum alljärleche Plang vun der Gestioun vun de Bëscher vun der Gemeng fir den Exercice 2025 ze äusseren. Dëse Plang gouf vum Fierschter iwwerpréift a vum Chef vum Bezierk Zentrum-Weste vun der ANF de 4 September 2024 festgehale. Deemno, approuvéiert de Gemengerot dëse Plang fir d'Gestioun vun de Bëscher fir den Exercice 2025.

| | Investissements (EUR) | | | Revenus (EUR) | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| Gestion durable des forêts | 38 000,00 | 187 000,00 | 225 000,00 | 102 000,00 | 99 000,00 | 201 000,00 |
| Protection de la nature | 12 000,00 | 23 000,00 | 35 000,00 | | | |
| Sensibilisation | 14 000,00 | 21 000,00 | 35 000,00 | | | |
| Ressources cynégétiques | | | | | 12 000,00 | 12 000,00 |
| Surveillance et Police | | | | | | |
| Logistique et personnel | 43 000,00 | 55 000,00 | 98 000,00 | | | |
| Grand total : | 107 000,00 | 286 000,00 | 393 000,00 | 102 000,00 | 111 000,00 | 213 000,00 |

| Synthèse des récoltes de bois | Vol sur écorce en m³ | | |
|---|---|---|---|
| | Grume | Trituration | Total |
| Hêtres | 100,00 | 750,00 | 850,00 |
| Autres feuil. | | 150,00 | 150,00 |
| Epicéas | 250,00 | | 250,00 |
| Douglas | 150,00 | | 150,00 |
| | 500,00 | 900,00 | 1 400,00 |

### *2. Nottärsakt fir de Verkaf vun zwou Parzellen déi sech um Uert „Um Léck" zu Nouspelt befannen*

De Gemengerot approuvéiert den Akt n°11155 deen den 18 Oktober 2024 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der Madamm Marguerite Andrée Eugénie Biver ënnerschriwwe gouf. Bei dësem Akt handelt et sech ëm de Verkaf vun der Gemeng Kielen vun 2 Parzellen ënnert der Kadasternummeren 592/5205, Plaz, mat enger Surface vun 0,73 Ar a 592/5206, Plaz, mat enger Surface vun 0,65 Ar, Sektioun C vun Nouspelt, déi sech um Uert „Um Léck" befanne fir e Präis vun 69.000,00 Euro.

### *3. Lotissement vun engem Terrain an der „rue de Kopstal" zu Kielen*

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement bei dem Zil ass d'Parzellen déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen agedroe sinn ënnert den Nummeren 1756/6515, Plaz, mat enger Surface vun 31,78 Ar, 1700/6512, Strooss, mat enger Surface vu 24 Zentiar, 1700/6513, Plaz, mat enger Surface vun 1 Zentiar a 1756/6514, Strooss, mat enger Surface vu 57 Zentiar, all situéiert an der Sektioun A vu Kielen, um Uert „rue de Kopstal" ze splécke fir do kënnen 2 Residenzen ze bauen.

### *4. Offiziell Benennung vun enger Strooss an der Gemeng Kielen*

D'Gemengeverwaltungen si kompetent fir d'Benennung vun de Lokalitéiten an de Stroossen a fir d'Attributioun vun den Nummere vun de Gebaier déi gebaut ginn. De Schäfferot proposéiert also d'Sakgaass, déi am Kader vum Lotissement „Rue des Champs à Kehlen" entstanen ass, „Op Odebuurg" ze nennen. De Gemengerot approuvéiert dës Propos.

### *5. Divers Subsiden (3. Trimester – 2024)*

Nodeems verschidden Demanden am Laf vum drëtten Trimester vum Joer 2024 agaange sinn, spent de Gemengerot u verschidden national an international humanitär Associatioune follgend Donen

| DEMANDEUR | | | | | | 2024 / 3ème trimestre | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| N° | N° Fournisseur | Nom | Forme juridique | Localité | Article Budgetaire | date demande | montant |
| 24 | 47989 | Fondation Autisme Luxembourg | Fondation | Capellen | 3/192/615100/99001 | 15/07/2024 | 125,00 € |
| 25 | 17353 | Fondation "Lëtzebuerger Guiden a Scouten" | Fondation | Luxembourg | 3/192/615100/99001 | 16/07/2024 | 125,00 € |
| 26 | 45161 | Fondation APEMH | Fondation | Bettange-sur- Mess | 3/192/615100/99001 | 21/08/2024 | 125,00 € |
| 27 | 30986 | Service de Consultation et d'Aide Psychomotrice (SCAP) | a.s.b.l. | Leudelange | 3/192/615100/99001 | 27/09/2024 | 125,00 € |
| 28 | 35227 | ONGD-FNEL Scouts & Guides | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 30/08/2024 | 125,00 € |
| 29 | 35258 | PADEM | ONG | Dudelange | 3/191/648110/99001 | 18/09/2024 | 125,00 € |
| | | | | | | total: | 750,00 € |

### *6. Office Social Commun vu Mamer (OSCM) – Konventioun fir d'Joer 2024*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun vum 23 September 2024 déi tëschent dem Staat, vertrueden duerch de Familljeminister, dem Här Max Hahn, de Gemenge Bartreng, Dippech, Kielen, Koplescht, Leideleng, Mamer a Recken op der Mess, vertrueden duerch hire jeeweilege Schäfferot an dem gemeinsamen Office social vu Bartreng, Dippech, Kielen, Koplescht, Leideleng, Mamer a Recken op der Mess, vertrueden duerch hiren Conseil d'adminstration, dem Här Marcel Schmit, ënnerschriwwe gouf.

## 7. Service „Iessen op Rieder" – Servior

### 7.1. Bäitrettskonventioun

De Gemengerot approuvéiert d'Bäitrëttskonventioun „Iessen op Rieder" Servior – Gemeng Kielen, déi tëschent Servior – Etablissement public „Centres, Foyers et Services pour personnes âgées" vertrueden duerch hier Direktioun, oder Vertrieder, an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen de 16 September 2024 ënnerschriwwe gouf an déi den 1sten November 2024 a Kraaft trëtt.

### 7.2. Allgemeng Bedéngunge vum Kontrakt fir Dëngschtleeschtungen

De Gemengerot approuvéiert déi allgemeng Bedéngunge vum Kontrakt fir Déngschtleeschtunge vum Service „Iessen op Rieder" – Servior – Gemeng Kielen déi tëschent Servior – Etablissement public „Centres, Foyers et Services pour personnes âgées" vertrueden duerch hier Direktioun, oder Vertrieder, an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen, de 16 September 2024 ënnerschriwwe gouf. Déi allgemeng Bedéngungen ëmfaasse verschidde Rubricken, sou wéi déi global Modalitéiten, d'Formatioun vum Kontrakt, d'Prestatioune vu Servior, déi verschidde Präisser, d'Facturatioun, d'Modalitéite fir de Paiement, d'Modifikatioun vum Kontrakt, d'Akraafttrieden, d'Dauer an d'Resiliatioun, d'Konformitéit mam RGPD, riichterlech Kompetenzen, wéi och déi speziell Klauselen.

## 8. Reglement bezüglech dem regionale Bëschkierfecht – Ännerung

Wärend der Sëtzung vum 8 Juli 2026 huet de Gemengerot d'Reglement bezüglech dem regionale Bëschkierfecht ugehalen. Dëst gouf de 5 August 2016 vum Inneministère approuvéiert, Referenz 332/16/CR. De Schäfferot proposéiert den éischten Artikel vum Kapitel 1.3. ze änneren , nämlech en deel vun engem Saz ze sträichen „… mais doit revêtir un caractère civil." an en duerch „dans le respect de la décence et piété appropriée." ze ersetzen. De Gemengerot hält d'Reglement mat dem geännerten Saz fest.

## 9. Taxereglement bezüglech der Participatioun am Sportscours „Laftreff" - Ännerung

Vu datt Gemeng neierdéngs e Cours „Laftreff fir Ufänger" an e Cours „Laftreff fir Fortgeschrëttener" ubitt muss d'Taxereglement geännert gi well dëst just Taxe fir de Cours „Laftreff fir Ufänger" virgesäit. De Gemengerot beschléisst de Numm vun de Coursen „Laftreff fir Ufänger" an „Laftreff" ze änneren an de Präis vu 60,00 Euro TTC fir d'Participatioun beim „Laftreff" pro Leefer bäi ze behalen.

## 10. Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen – Ernennung vun de Membere vum „Comité de pilotage"

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot 9 Memberen an de „Comité de pilotage" vun deem Zesummesetzung am Gesetz vum 23 August 2023 bezüglech dem Zesummeliewe festgehalen ass. Dëse Kommitee setzt sech da follgendermoossen zesummen:

| N° | Prénom / Nom(s) | Fonction (s) |
|---|---|---|
| 1 | Natacha KOCH | Membre du conseil communal et présidente de la commission communale |
| 2 | Monia THILLMANY-KONZ | Coordinatrice pacte communal dans les communes |
| 3 | Paula DOS SANTOS PEREIRA MACIEL | Membre de la commission communale |
| 4 | Emile WALCH | Membre de la commission communale |
| 5 | Christine SCHOLTES | Membre d'une association locale (Musek-Keespelt – Meespelt) |
| 6 | Andreas MIDUNSKY | Membre d'une association locale (myElmen a.s.b.l.) |
| 7 | Christian DUPREL | Membre des associations locales (DT Péckvillercher Nospelt / Amicale CIS Kielen / Ollemer Pompjeesfrënn) |
| 8 | Myriam EICHER | Membre d'une association locale (Fanfare Kehlen) |
| 9 | Jules HOFFELT | Membre d'une association locale (Haff Schockweiler asbl) |

## 11. Indemnitéite fir d'Moniteuren déi déi wéchentleche Seancë beim LASEP assuréieren

D'Indemnitéite belafen sech aktuell op 30,00 Euro pro ofgehale Seance a wärend deene wéchentleche Sëtzungen op 120,00 Euro pro Participatioun bei sportleche Manifestatiounen als Leeder a 60,00 Euro pro Participatioun bei sportleche Manifestatiounen als Begleeder. De Gemengerot decidéiert de Moniteuren déi déi wéchentlech Seancë beim LASEP assuréieren an déi als Leeder oder als Begleeder bei enger Manifestatioun deelhuelen, fir dës ze encouragéieren, ab dem Schouljoer 2024/2025, eng Indemnitéit, déi sech op 100% vun der ordinärer Indemnitéit déi den LASEP ausbezilt, beleeft. Virdrun, waren dës Indemnitéite just virgesi fir Aktivitéiten déi an der Gemeng Kielen organiséiert goufen a lo ginn se ausbezuelt ouni den Uert ze betruechten.

## 12. Ugeleeënheete vum Personal

### 12.1. Kreatioun vun engem Poste fir e Salarié mat enger manueller Tâche an der Karriär D fir de Regiebetrib

De Gemengerot decidéiert e Poste fir e Salarié mat enger manueller Tâche an der Karriär D fir de Regiebetrib ze schafen.

### 12.2. Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot schaaft e Poste fir e Gemengenemployé fir de SEA vun der Gemeng Kielen an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### 12.3. Kreatioun vun zwee Poste fir Gemengenemployéën fir Sekretariat vun der Gemeng an der der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot schaaft zwee Poste fir Gemengenemployéën fir Sekretariat vun der Gemeng an der der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

## 13. Subside fir déi lokal Societéiten 2023

### 13.1. Subsiden un déi lokal Societéiten – „Spéciale"

De Gemengerot spent un de Grupp „Spéciale" vun de lokale Societéite e Montant vun 8.080,00 Euro am Ganzen.

### 13.2. Subsiden un déi lokal Societéiten – „Autres"

De Gemengerot spent un de Grupp „Autres" vun de lokale Societéiten e Montant vun 1.800,00 Euro am Ganzen.

### *13.3. Subsiden un déi lokal Societéiten – „Sport“*

De Gemengerot spent un de Grupp „Sport“ vun de lokale Societéiten e Montant vun 48.000,00 Euro am Ganzen.

### *13.4. Subsiden un déi lokal Societéiten – „Culture“*

De Gemengerot spent un de Grupp „Culture“ vun de lokale Societéiten e Montant vun 30.000,00 Euro am Ganzen.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *14. Verwaltung vun der Gemeng Kielen – Demissioun vun engem Gemengebeamten aus der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administratives*

De Gemengerot akzeptéiert Demissioun vun engem Gemengebeamten aus dem Traitementsgrupp B1, an der administrativer Ënnergrupp bei der Gemeng Kielen ab dem 01 Januar 2024 mat engem Merci fir seng gutt a loyal Déngschter.


OSCM

**OFFICE SOCIAL**

**Inês Figueiredo,**
Assistante sociale Communes :
Kehlen, Mamer (maisons no pairs)

Tél. : **26 11 37-27**
Gsm : **621 267 162**
**ines.figueiredo@oscmamer.lu**

**Permanence à Kehlen:**
(maison communale) les consultations se font **chaque 2ème mercredi sur rendez-vous** de 14h00 à 15h00.


### *15. Kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner*

### *15.1. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Schoultransport)*

De Gemengerot akzeptéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Schoultransport).

### *15.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA, mat enger Tâche vun 90% (36 Stonnen an der Woch), ënnert dem Statut vum Gemengenemployé, an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales an op onbegrenzten Zäit.

### *15.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir de SEA, mat enger Tâche vu 75% (30 Stonnen an der Woch), ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### *15.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, (Educateur gradué)*

No engem geheime Vott, ernennt de Gemengerot en Educateur gradué fir de SEA, mat enger Tâche vun 100% ënnert dem Statut vum Gemengenemployé, an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales an op onbegrenzten Zäit.

### *15.5. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, (Educateur gradué)*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Grossherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengebeamten, d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

### *15.6. Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1 Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales, vun aktuell 20 bis 30 Stonnen an der Woch op 30 Stonnen an der Woch ab dem 01 November 2024.